Diekirch, 30. 8. 62 I

Dir Dammen an Dir Hären!

Le'w Komeroden!

Et sinn des~~e~~er Dég 20 Joer gin dass Letzeburg de' schwärzt ~~Dég~~ Stonnen an senger Geschicht erliewt huet.

Den 30.August 1942 huet de Gauleiter Simon, onwierdege Gedenken, d'Wehrpflicht hei zu Letzeburg proklame'ert. Domadder go'w de Stâf iwert 3500 jong letzeburger Liewe gebrach, a~~n~~ mam Liewen hun de' misse bezuelen de' ons Jugend wollten dem preissesc Onnerdröcker entreissen. Mir gedenken haut dénen de' de ~~Mutt a~~ en Courage hâten fir dem Occupant richt eraus ze soen dass ~~si~~ hien kén Recht hât iwer ons Médercher an Jongen ze verfügen an berét woren fir des Wo'recht um Poteau,am Prisong an am K.Z. ze stierwen. An hirer Broscht huet en éscht freit letzeburger Hierz geschloen a si sinn sech konsequet bliwen bis an der Do'd. Hinnen alleguer göll onse Merci, de Merci fun onsem Vollek, a speciell de Merci fun ons, der Jugend fun démols, d'Joergäng 20-26. Si hun démols, we' zu Woltz an zu Esch de Bier geblosen huet, d'Flâm fun der Résisdenz an onse Hierzer weider ugefacht a bis un d'Spötz gedriwen. Si sinn ons mam gudde Beispill fiergângen a mir hun op si gehe'ert. O~~ch~~ph si hu~~n~~ gehe'ert de' 12.000 Jongen an 8000 Médercher de' matt brutâler Gewalt firun Problémer gestallt go'wen firun de' normal kén jonge Mensch gestallt get. Si hun ons kloer gemât, wât onse freie letzeburger Géscht ass a wât mir missten berét sinn dofir ze erdroen. Matt desem gestärktenem an ennermauertem Géscht sin mir un d'Problém erugângen wât Nazideitschland ons letzeburger Médercher a Jongen opgezwongen huet. Wien zielt de' durchwa~~r~~ehten Nuechter a miserâbel Dég an dénen mir geste'ert a verzweiwelt net ferdeg go'wen matt desem Problém a fir dat mir keng Le'sung konnte fannen

Mir gedénken haut all dénen gudde Letzebuerger dé hirt Liewen
fir ons Heemecht geaffert hun an eso ginn ons Gedanken zeréck
an di ongléckelech Period dé ons Land am 2te Weltkrich durch
gemat huet. Mir gesinn den 10te Mé, den Amarsch vun den
deitschen Truppen; mir fillen erem den Androck vun den éschten
Verfügungen vun der Zivilverwaltung; ons Nerven spane sech
erem wé démols an engem hannerlöschtegen Referendum
als Volkszählung getarnt mir Letzebuerger sollten ons zum Deitsch-
tum bekennen. Et kom den Arbeitsdienst fir ons Meedercher
a Jongen an endlech dat gréisst vun alle Verbriechen, den
30ten August 42 d'Proklamation vun der Wehrflicht durch
de Gauleiter Simon, onwierdegen Gedenken. Homadoler